PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/12/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet & Mëttelstand weiderzeleeden.

Zënter bal engem Mount sinn d'Restauranten an d'Caféen hei zu Lëtzebuerg coronabedingt zou. Den Take-Away an d'Liwwerung vun Iesse bleiwen awer nach erlaabt. Konsequenterweis hu vill Restaurateuren sech an der zweeter Coronawell alt nees ëmgestallt an hiert Geschäft op Liwwerungen an Take-Away spezialiséiert.

Mam neie Covid-Gesetz, dat zënter dem 26ten Dezember a Kraaft ass, gouf elo och nach d'Ausgangsspär op 21 Auer erofgesat. Dëst stellt vill Restaurateuren hei am Land virun Onkloerheeten, well si net wëssen, ob si no 21 Auer nach dierfe Liwwerungen ausféieren oder ob d'Kichen zu där Auerzäit zou muss sinn. Verschidde Restaurateuren, déi d'Police kontaktéiert hunn, fir sech iwwert d'Bestëmmungen ze informéieren, krute gesot, datt d'Ausgangsspär ze respektéiere wier a si hire Aktivitéiten net no 21 Auer kéinten duerchféieren.

D'Ministere fir Mëttelstand a Gesondheet haten der Chamber awer verséchert, datt d'Restaurateuren och wärend der Ausgangsspär normal weiderschaffe kéinten. Och d'Horesca informéiert d'Restaurateuren, datt se wärend der Ausgangsspär kënne weider liwweren.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Kënnen d'Ministeren erklären, wéi d'Ausgangsspär sech op d'Restauratiounsbetriber auswierkt, déi hiert Iesse liwwere loossen? Däerfen d'Restaurateuren nach no 21h00 Iessen heem liwwere oder net?

2. Plangen d'Ministeren d'Ëffentlechkeet geziilt iwwert déi aktuell Bestëmmungen z'informéieren, fir Widersprëchlechkeeten ze vermeiden?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député